**Äntwert vun der Ministesch fir Famill an Integratioun op d'parlamentaresch Fro N° 3097 vum Här Deputéierte Fred Keup iwwert d'Familljeprestatiounen**

Den Deputéierte verweist a senger parlamentarescher Ufro op d'Propositioun vun der Chamber vun de Salariéë fir d'Familljeprestatiounen ëm 7,7% ze revaloriséieren an d'automatesch Upassung vun de Prestatiounen un den Index nees anzeféieren.

**1)**

Dës genau ewéi déi viregt Regierung huet an hirem Koalitiounsaccord festgehalen d'Prestations en nature weider auszebauen an de Kanner esou wéi hiren Eltere ganz gezielt do ze hëllefen, wou et am noutwendegsten ass.

Bei enger kompletter Analyse muss een also all déi Reforme mat betruechten, déi an där Approche konkretiséiert gi sinn. D'CSL huet selwer op e puer vun deene Reformen higewisen. Dofir wëll ech nach emol op déi dach awer substantiell Reforme verweisen, déi vun der viregter bzw. dëser Regierung gemaach gi sinn, wéi zum Beispill der sougenannter gratis Kannerbetreiung, dem Ausbau vun de Kannerbetreiungsstrukturen, de gratis Schoulbicher am Secondaire, dem Bourssesystem fir d'Studenten, dem Eropsetze vun deem Deel deen de Kanner am Kader vum Revenu d'inclusion sociale (REVIS) zousteet an der Verbesserung vun der allocation vie chère (AVC).

**2)**

D'COVID-Kris ass fir vill Menagen a Kanner eng grouss Erausfuerderung, wou d'Regierung probéiert, mat alle Mëttelen de Leit hir Kafkraaft ze erhalen an d'Kanneraarmut ze bekämpfen, a fir grad deene Schwächsten an eiser Gesellschaft besser duerch d'COVID-Kris ze hëllefen. Aus dësem Grond huet d'Regierung zum Beispill d'allocation vie chère fir dëst Joer verduebelt. D'nächst Joer wäert de Montant vun der AVC dauerhaft em 10% eropgesat ginn. Ab dem 1.1.2021 wäert och de REVIS em 2,8% klammen.

**3)**

D'Regierung huet an hirem Koalitiounsaccord festgehalen, datt si fir d'Enn vun der Legislaturperiod d'Indexéierung vum Kannergeld ouni Rattrapage erëm wäert aféieren.